PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

2022 hate mir eis bei der viregter Regierung iwwert d'Fäll informéiert, wou d'Leit Bréiwer vun der Adem net kritt hunn an doropshi sanktionéiert gi sinn, well se zum Beispill ee Rendez-vous verpasst hunn (Froen n°5415 a 5551). Eng Réi vu Leit leeën dee Moment Recours bei der Adem an. D'ADEM huet 36% (am Joer 2020) respektiv 27% (am Joer 2021) vun de Recours'en redresséiert, an d'CSR huet 11% (am Joer 2020) respektiv 6% (am Joer 2021) vun de Recours'en annuléiert. D'Leit hunn also Recht kritt a kruten hire Chômage respektiv Revis erëm ausbezuelt. Dës Prozeduren hunn 2022 awer bis zu 6,5 Méint gedauert. Wat bedeit, dass d'Leit, déi näischt falsch gemaach haten, awer hu misste méintelaang ouni Geld auskommen. De viregten Aarbechtsminister huet erkläert, dass weider Leit, ënnert anerem am CSR, géifen agestallt ginn, fir d'Delaien ze verkierzen.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wäert eng nei Regierung op de Wee goen, fir wichteg Bréiwer vun der Adem oder dem FNS, wéi zum Beispill d'Festleeë vu Rendez-vousen, iwwert Moyene fort ze schécken, wou ee ka sécherstellen dass et ukomm ass? Zum Beispill duerch Avis de reception oder iwwert d'MyGuichet's App?

2. Wéi hunn d'Delaie bei de Recourse bis haut evaluéiert? Sinn d'Delaien an den Ae vun de Minister ze laang? Wa jo, wat fir weider Schrëtt wäerte geholl gi fir se ze kierzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten